N° 6135
Reçue le 03.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.05.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 2. Mee 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an den Här Minister fir d´Digitaliséierung weider ze leeden.

De nationale Warnsystem vu SMS´en a Sireenen ass haut, den 2. Mee landeswäit getest ginn. An dem Kader sollten all Awunner eng Test-Warn-SMS geschéckt kréien. D´EU-Direktiv 2018/1972 iwwert den europäesche Kodex fir elektronesch Kommunikatioun gesäit jo bekanntlech fir, datt fir de Summer 2022 europawäit performant ëffentlech Warnsystemer am Asaz sinn. Laut mengen Informatiounen a laut Aussoen vu Biergerinnen a Bierger op de soziale Reseaue krute vill Leit dës SMS ze spéit respektiv iwwerhaapt net. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°5917 hunn d´Ministeren d´Grënn fir d´Aféiere vum SMS-System erkläert a firwat ee momentan nach net op de CELL-Broadcast kann zeréck gräifen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm an den Här Minister stellen:

- Kënnen d´Ministeren d´Informatioun konforméieren, dass vill SMS´en ze spéit, respektiv guer net ukomm sinn? Wa jo – wat sinn d´Grënn dofir a wéi sollen dës Problemer behuewe ginn?
- Sinn d´Ministeren der Meenung, dass een aus den uewe genannte Grënn de CELL-Broadcast net awer eng besser Alternativ par Rapport zum SMS-Warnsystem wär? Wa jo – wat ënnerhëlt d´Regierung fir den Developpement vum CELL-Broadcast weider virun ze dreiwen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel
Deputéierten